N°6651
Entrée le 26.09.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

Äntwert vum Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 6651 vum 12. August 2022 vum Här Deputéierten Jeff Engelen.

D'Linn 682 ass am 30-Minutten-Takt gefueren, déi nei Linnen (162 an 176) ginn am Stonnentakt gefueren. Dës Ännerung gestalt sich fir vill Notzer vum ëffentlechen Transport als onpraktesch, well och den Zuch eng 30-Minutten-Frequenz virweise kann.

D'Linn 682 hat 4 verschidde Linnevarianten déi an engem méi oder manner reegelméissege Stonnentakt gefuer sinn mat insgesamt 4 Verstäerkerfaarte Moies an Nomëttes fir d'Schüler.

Mat der Trennung tëscht Schoul- a regulärem RGTR Reseau sinn des speziell Faarten an de Schoullinnen A13 a P09 iwwerholl ginn.

D'Linnen 161 an 176 fuere moies méi fréi an och owes méi laang, ausserdeem och samschdes a sonndes. Doduerch ass d'Offer haut wesentlech méi flexibel an duerch ee reegelméissegen a fiabelen Horaire méi einfach verständlech an notzbar.

Lëtzebuerg, den 26. September 2022

De Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) François Bausch